N°4215
Entrée le 09.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.06.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Bildung, Kanner a Jugend & Sport weiderzeleeden.**

Säit dem 13. Abrëll 2026 ass de Poste vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports erëm verginn, dëst nodeems en zanter dem September 2020 net méi besat war. Nodeems eng Gesetzesvirlag am Joer 2020 d'Basisgesetz vum 29. November 1988 aktualiséiere wollt, huet de viregte Sportminister dëse Projet am Februar 2024 zréckgezunn an deemools offiziell ugekënnegt, dass dee Posten erëm besat géif ginn an dëst och an enger Generalversammlung vun den Associatioun vun de Sportsproffen esou ugekënnegt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Stëmmt et dass de Premierminister do, bis elo, säi Veto ageluecht hat? Ewéi komm et elo dozou, mat der Neibesetzung um Posten duerch de Sportminister zu dësem Revirement?

2. Laut dem haitege Gesetzestext vun 1988 huet de Commissaire à l'éducation physique et aux sports follgend Aufgaben:
   - *„d'exercer les fonctions de contrôle, d'orientation, de coordination et d'animation de l'éducation physique et des sports dans tous les domaines; »*
   - *« d'instruire toutes les questions concernant l'éducation physique et les sports soumises à la décision du gouvernement »*
   - *« de fournir au gouvernement des avis administratifs et techniques sur tous les problèmes se rapportant à la politique et à l'organisation de l'éducation physique et des sports tant sur le plan national que sur le plan international »*

Wéi gesäit de Minister ir Educatioun, Kanner a Jugend dës Missioune vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports, déi jo och an de Schoulberäich falen ? Wat si laut dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend d'Kompetenze vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports am Beräich vum Schoulsport? Wien ass zoustänneg fir d'Ausaarbechtung vum plan d'études am Beräich vum Schoulsport?

3. Laut dem Gesetz vun 1988 huet de Commissaire à l'éducation physique et aux sports zousätzlech nach follgend Missioun :*« d'assurer la surveillance et la coordination de tous les services et installations sportives qui relèvent du département de l'éducation physique et des sports. »* Wuel wëssend, dass et de volet «éducation physique » säit 2004 net méi am Sportsministère gëtt, wéi stellt sech d'Sportministesch d'Zesummenaarbecht tëschent dem Commissaire an dem Coordinateur général am Sportsministère fir, wëssend dass de Coordinateur général eigentlech fir d'Surveillance an d'Koordinatioun vun de Servicer zoustänneg ass?

4. Gouf de vakante Poste vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports ausgeschriwwen, esou wéi dat dës Regierung och scho bei anere sougenannten „Fonctions dirigeantes » gemaach huet ? Wann jo , wou a wéi laang war de Posten ausgeschriwwen? Wann nee, firwat net?

5. Laut dem haitege legale Kader muss de Kandidat op deem Posten den Admissiouns- an d'Nominatiounskrittären fir de cadre supérieur bei enger staatlecher Verwaltung entspriechen an op mannst 15 Déngschtjore beim Staat opweisen. Wéini huet den elo genannte Kommissär seng Kandidatur gestallt? Wéi vill Déngschtjore beim Staat huet de genannte Kandidat?

6. Laut dem Communiqué de presse vum 20. Mäerz 2026 wäert den neie Commissaire à l'éducation physique et aux sports follgend Missioun kreien: « piloter l'élaboration d'un plan d'action national de l'activité physique et des sports ». Steet d'Ausaarbechtung vun dësem Aktiounsplang am Regierungsprogramm? Ass dem COSL säin „Concept intégré 2.0" net eigentlech schonn ee grousse Bestanddeel vun dësem Aktiounsplang?

Mat déiwem Respekt,

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés